# Just nëmmen nach schlofen.

*Il y a des gens, qui choisissent de vivre dans la rue, mais il n'y en a pas, qui choisissent d'y souffrir.* (nom Abbé Pierre, engem franséische Paschtouer, dee sech fir d'SDF agesat huet)

*L'enfer, c'est les autres.* (nom Jean-Paul Sartre, Schrëftsteller a Philosoph)

*D'Leit, déi op der Strooss sinn, hu keng Stëmm, well soubal si se erhiewen, fir ze soen, dass och si Mënsche sinn an d'Recht hunn, wéi Mënsche behandelt ze ginn, beschléissen déi, déi behaapten alles fir si ze maachen, hinnen ze hëllefen an dat esou, dass si vu sech aus fir ëmmer de Mond halen.* (no menge perséinlechen Erfarunge mam Sozialsystem zu Lëtzebuerg)

---

Ni méi eppes héieren; ni méi eppes gesinn. Ni méi eppes spieren; ni méi eppes fillen. Ni méi eppes soen a mir ëmmer an ëmmer erëm d'Fro stellen, firwat a mat wéi engem Recht Mënschen aner Mënsche quälen, fir si zu eppes ze zwéngen oder just aus rengem Plaiséier. Ni méi eppes vun all deem. Nëmmen nach schlofen.

Ni méi ënnert de Ligegeschichte vun anere leiden; ni méi hinnen ouni Méiglechkeet mech ze wieren ausgeliwwert sinn. Ni méi vun enger Educatrice wéi een Hond behandelt ginn; ni méi vun enger Psychologin als geckeg erkläert kënne ginn. Ni méi vun der Police gejot ginn, ouni jeemools eppes Schlechtes gemaach ze hunn; ni méi kënnen agespäert ginn, ouni ze wësse firwat. Nëmmen nach schlofen.

Ni méi vun deen aneren auslaacht, verspott an Topert genannt ginn; ni méi vu wiem och ëmmer humiliéiert an ausgebeut kënne ginn. Ni méi d'Falschheet an d'Béisaartegkeet vun de Mënsche mussen erdroen; ni méi eppes vun där Welt, déi si normal nennen, matkréien. Ni méi un all déi Saache gleewen, fir déi an hirer perverser Realitéit keng Plaz ass; ni méi op eppes waarden an hoffen, dat an dësem ellene Liewen ni Wierklechkeet ka ginn. Nëmmen nach schlofen.

Nëmmen nach schlofen. Schlofen, ouni kënne gestéiert ze ginn. Schlofen, ouni erëm mussen ze erwächen. Schlofen – just nëmmen nach schlofen.

---

*Goodbye, cruel world!*